N°3788
Entrée le 27.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth Margue, dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, an dem Aarbechtsminister, Marc Spautz, op d'parlamentaresch Fro n°3788 vum 18. Mäerz 2026 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwwert d'Positioun vu Lëtzebuerg zur Propos "EU Inc." vun der Europäescher Kommissioun.

1. Wéi steet d'Lëtzebuerger Regierung zu der „EU Inc"-Propos der EU-Kommissioun? Huet d'Regierung schonn eng offiziell Positioun oder eng éischt Analys zu dëser Propos ausgeschafft, a wa jo, kann d'Regierung dës publik maachen?

D'Regierung ënnerstëtzt d'Zil, en „28. Regime" am Gesellschaftsrecht anzeféieren. Si betruecht dee Regime als e strategeschen Hiewel, fir d'Kompetitivitéit vun den europäeschen Entreprisen ze stäerken an d'Integratioun an de Wuesstem um bannenzege Marché ze färderen. Andeems een en harmoniséierte, méi liicht verständlechen a méi effiziente Kader zur Verfügung stellt, soll dëse Regime zu enger Verbesserung vum ekonomeschen Ëmfeld bäidroen, an deem eis Betriber sech entwéckelen.

Mä, och wa Lëtzebuerg d'Ziler vum „28. Regime" deelt an de Prinzip dovun ënnerstëtzt, bleiwen technesch Aspekter aus der Propos vun der Europäescher Kommissioun vum 18. Mäerz 2026 natierlech ze präziséieren a mussen am Kader vun de kommende Verhandlunge grëndlech analyséiert ginn. D'Regierung wäert sech konstruktiv un dësen Diskussioune bedeelegen, fir sécherzestellen, datt de finale Regime kohärent a positiv fir d'nohalteg Entwécklung vun eise Gesellschaften an eiser Ekonomie ass.

2. Gesäit d'Regierung d'„EU Inc"-Propos als Chance oder als Risiko fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg, notamment am Kontext vum Lëtzebuerger Gesellschaftsrecht an der Attraktivitéit vun eisem Rechtskader fir Entreprisen?

Och wann am Prinzip all Gesellschaft vum neie Regime profitéiere kann, soll drun erënnert ginn, datt en an éischter Linn drop ausgeriicht ass, de spezifesche Besoine vu Start-ups, Scale-ups an innovativen Entreprisen entgéintzekommen. Den „28. Regime" kéint eng Chance fir d'Ëmfeld vun den Entrepreneuren zu Lëtzebuerg, dat haut bal 800 Start-ups zielt, duerstellen. Dësen neie Kader kéint net nëmmen hir Wuesstemsperspektiven ënnerstëtzen, mee och d'Attraktivitéit vum Land fir auslännesch innovativ Entreprisen erhéijen. Schlussendlech kéint de „28. Regime" och zum Entstoe vun neien innovativen Entreprisen a Projete bäidroen, déi bis elo nach net zu enger Gesellschaftsgrënnung gefouert hunn.

Déi méi wäitreechend Ambitioun vum „28. Regime", d'Zuel vun Entreprisen ze erhéijen, déi sech dozou entscheeden, sech an Europa néierzeloossen an/oder hei ze bleiwen, kéint direkt oder indirekt en dynameschen Impuls fir déi lëtzebuergesch Wirtschaft mat sech bréngen. De konkreten Impakt vun dëser Initiative bleift awer nach ze bestëmmen a wäert ënner anerem vun de Bestëmmunge vum finale Reglement ofhänken.

Et ass och wichteg drun ze erënneren, datt d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg net op engem eenzege Faktor berout, mee op engem staarken an ergänzenden Zesummespill vu verschiddenen Elementer, déi och

an Zukunft eng entscheedend Roll spille wäerten – onofhängeg dovun, wéi sech den „28. Regime“ weider entwéckelt :

- E flexibelt Gesellschaftsrecht, dat et ënner anerem erméiglecht, Gesellschaften effizient ze strukturéieren. De legale Kader ënnerstëtzt besonnesch d’Gestioun vu Participatiounen, d’Organisatioun vun Holding-Strukturen an d’Aktivitéite vu Private-Equity-Acteuren;
- Grouss politesch an ekonomesch Stabilitéit;
- En attraktiven a breetgefächerte Mechanismus zur Ënnerstëtzung vu Start-ups an innovativen Entreprisen;
- Unerkannt finanziell Expertisen a staark Regulatiounskaderen;
- Héich qualifizéiert, méi-sproocheg an international opgestallten Aarbechtskräft, déi eng wichteg Stäip an eiser Wëssens-, Innovatiouns- an Service-Ekonomie ausmaachen.

3. Wéi beurteelt d’Regierung d’Besuergnes vun de Gewerkschaften, laut deenen d’Méiglechkeet, Aktien-Optiounen amplaz Salairen unzebidden, kéint benotzt ginn, fir aktuell Léin ze drécken? Huet d’Regierung Garantien agefuerdert, fir d’Aarbechtsrechter a Lëtzebuerger Recht ze schützen?

Eng potenziell Notzung vu Stock-Optionspläng (*EU Employee stock option plan*), esou wéi se am Kapitel VIII vun der Propositioun virgesinn ass, muss kloer encadréiert ginn, domat séchergestallt gëtt, datt dës Instrumenter net dozou benotzt kënne ginn, fir geltend Aarbechtsrecht z‘ëmgoen, dat heescht, datt se d’Remuneratiounen, déi iwwer Aarbechtsverträg oder Kollektivverträg festgeluecht ginn, net ersetze kënnen.

Nieft deem dote Punkt, wäert ee wärend den Negociatiounen och drop bestoen, datt d’Propositioun genuch Garantie virgesäit, fir de Respekt vum nationalen Aarbechtsrecht ze garantéieren, notamment wat d’Rechter vun der Participatioun vun de Salariéen an der ganzer Europäescher Unioun betrëfft.

4. D’Industriegrupp EU Inc kritiséiert, datt juristesch Kompetenze bei nationale Geriichter bleiwen, wat 27 verschidden Interpretatiounen impliziéiert. Deelt d’Lëtzebuerger Regierung dës Bedenken, a wier si bereet, sech fir eng harmoniséiert juristesch Kompetenz op EU-Niveau auszeschwätzen?

Et ass wichteg, déi verschidden Aspekter mat der néideger Virsiicht ze bewäerten, an tëscht den theoretesche Virdeeler vun engem zentraliséierte Modell an de prakteschen oder finanziellen Auswierkungen, déi esou eng Léisung mat sech brénge kéint, ofzeweien. Dobäi kënnt, dass d’Forme vu Sträitfäll, déi eng EU Inc. betreffe kéinten, divers sinn, an zu engem groussen Deel och weiderhi vum nationale Recht ofgedeckt bleiwe géifen.

An deem Kontext soll och ënnerstrach ginn, datt Lëtzebuerg iwwer spezialiséiert an erfueren Handelsgeriichter verfüügt, déi fäeg sinn, komplex gesellschaftsrechtlech oder handelsrechtlech Dossieren effizient ze behandelen. Zousätzlech sti séier Prozeduren, wéi de Référé, zur Verfügung, wann d’Urgence et verlaangt – e wichtege Garant fir eng héich Reaktiounsfäegkeet vun der Justiz.

Wat d'Fro vun eventuellen divergenten Interpretatiounen tëscht de Memberstaaten ugeet, sief drun erënnert, datt de bestoenden EU-rechtleche Kader – inklusiv der Méiglechkeet, de Geriichtshaff vun der Europäescher Unioun iwwer eng préjudiziell Fro ze saiséieren – scho wiesentlech Garantië fir eng gewëssen Harmoniséierung an d'Vermeidung vu gréisseren Ofwäichunge bitt.

Zesummegefaasst bleift d'Regierung oppe fir de weideren Austausch, mee hält et fir ubruecht, mat Virsicht un d'Fro vu méiglechen europäesche Juridiktiounsreformen erunzegoen.

5. Wat ass d'Positioun vun der Regierung zum fräiwëlleg Charakter vun der „EU Inc"-Struktur? Gesäit d'Regierung eng Nofro bei Lëtzebuerger PME'en oder Startups fir dës Rechtsform ze benotzen, a wat géif d'Regierung maachen, fir se z'informéieren?

D'Regierung begréisst de fräiwëllege Charakter vun der EU Inc. Dësen Aspekt stellt en zentraalt Element vun der Propos duer, well et komplett un den ekonomeschen Acteuren ass ze entscheeden, ob dës sozial Form hire spezifesche Besoinen entsprécht oder ob eng vun de bestoende nationale juristesche Forme méi ubruecht wier. Dës Approche garantéiert de Betriber eng fräi Wiel a verhënnert eng kënschtlech Kompetitioun tëschent dem europäesche Regime an den nationale Kaderen. D'EU Inc. soll déi national Gesellschaftsforme net ersetzen, mee eng fakultativ Alternativ duerstellen, wann d'Aktivitéite vun eenzele Betriber – besonnesch vu Start-ups, Scale-ups an innovativen Entreprisen – dat erfuerderen.

Am Prinzip hu lëtzebuergesch Entrepreneuren hiert Intressi fir de „28. Regime" ausgedréckt. Seng praktesch Effikassitéit wäert awer zu engem groussen Deel vum finalen Inhalt vum Reglement ofhänken, deen aus den europäesche Verhandlungen ervirgeet.

D'Regierung wäert natierlech doropper oppassen, datt d'Entreprisen ëmfaassend iwwert d'Adoptioun vum definitive Reglement informéiert ginn, zum Beispill iwwer eng koordinéiert Kommunikatioun mat de betraffene staatlechen Acteuren oder de sektoriellen Netzwierker.

6. Wéi gedenkt d'Regierung, sech an de kommende Verhandlungen tëschent den EU-Memberstaaten an dem Europäescht Parlament zu dëser Propos ze positionéieren, a wëllt si aktiv Ännerungen un dem Propositiounstext fuerderen?

Déi nächsten Etapp an der europäescher Gesetzgebungsprozedur besteet doranner, un den Diskussiounen an den Aarbechtsgruppe vum Conseil vun der Europäescher Unioun deelzehuelen. Dës Reuniounen hunn zum Zil, d'Reglementspropos am Detail ze analyséieren, fir eng gemeinsam Positioun zur Propositioun ze erreechen.

Eis Positioun zur Propos wäert sech weiderentwéckelen, parallel zu eiser grëndlecher Analyse vum Text, der Reflexioun iwwer déi praktesch Implikatiounen an der Bewäertung vum allgemengen Equiliber vum Text. Et geet drëm sécherzestellen, datt d'Ambitioune vun der Vereinfachung an Harmoniséierung, déi d'Kommissioun verfollegt, net op Kächte vun der juristescher Sécherheet, enger effizienter Präventioun vu Fraude, der Bekämpfung vun Geldwäscherei oder op Käschten vun anere wichtegen Acteuren, déi fir dat gutt Fonctionnéiere vum ekonomesche System essentiel sinn,

ginn. An dësem Kontext wäert d'Regierung an de Verhandlunge besonnesch drop oppassen, dës Prinzippien ze verdeedegen an ze assuréieren.

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue